RAR VULLEN

LËTZEBUERG

Neimäerder

D'Populatioun vum Groussen Neimäerder (Lanius excubitor) ass vun 100 Revéieren am Joer 2006 op just nach 6 am Joer 2018 gefall.

Bëschhong (Bonasa bonasia)

D'Bëschhong, dat a Bëscher mat vill Ënnerholz wunnt, ass an der Groussregioun vum Ausstierwe bedrot.

Brongbrëschtchen (Saxicola rubetra)

De leschte Beweis, datt d'Brongbrëschtchen, en typesche Bewunner vu fiichte Wisen, zu Lëtzebuerg gebréit huet, staamt aus dem Joer 2002.

Broochschësser (Oenanthe oenanthe)

Zu Lëtzebuerg ass de Broochschësser, deen op vegetatiounsaarme Fläche wunnt, vum Ausstierwe bedrot.

Piwitsch (Vanellus vanellus)

De Piwitsch britt normalerweis op fiichte Wisen an ass zu Lëtzebuerg vum Ausstierwe bedrot.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.

RAR VULLEN

WELTWÄIT

Sibiresche Broochvull (Numenius tenuirostris)

Zanter e puer Joer ginn et keng Beobachtunge vum Sibiresche Broochvull méi, esou datt dës Vullenaart méiglecherweis ausgestuerwen ass.

Kakapo (Strigops habroptila)

Am Joer 2018 hu just nach 149 Kakapoen op dräi klengen Insele virun Neuseeland gelieft.

Bali-Spréif (Leucopsar rothschildi)

Fréier goufe Bali-Spréiwe gefaangen, fir a Käfeger gehalen ze ginn. Aus dësem Grond ass dës Aart vum Ausstierwe bedrot.

Gielbroscht Mësch (Emberiza aureola)

D'Populatioune vun der Gielbroscht Mësch ass an de leschte Joren zesummegebrach, well dës Vullenaart an hiren Iwwerwanterungsgebitter (China) giess gëtt.

Glatzen Ibis (Geronticus eremita)

De Moment gëtt et just nach eng kleng Populatioun a Marokko. An Däitschland an Éisträich gi Glatzen Ibisse geziicht an der Hoffnung, datt si sech nees hei usidelen.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.